



den EU-Pefferkär

Ouni d'Briten: en anert Europa



Politesch konsequent!

Den David Cameron huet de Referendum mam 51,9% verluer. De britesche Premier zitt doraus seng politesch Konsequenzen an huet säi Récktrëtt ukënnegt. De Xavier Bettel hat virun engem Joer säi Referendum mat ronn 80% verluer! Hien mécht awer weider, a seng Regierung féiert d'Walrecht fir Auslänner iwwert d'Hannerdier vum Nationalitéitengesetz an.

Europa Feierdag

En Donneschdeg war Kinneksgebuertsdag. Huet een den offizielle Rieden nogelauschtert oder déi néngt Symphonie vum Beethoven héieren, ass et engem wéi um Europa Feiertag virkomm, an net wéi um Lëtzebuurger Nationalfeiertag. Wéinst esou falsche Prioritéiten dréinen ëmmer méi Leit dem institutionellem Europa de Réck.

The AECR is recognised and partially funded by the European Parliament. The views expressed in this publication do not necessarily reflect those of the European Parliament. The European Parliament cannot be held liable.

D'Briten hu sech fir den Austrëtt aus der europäescher Unioun entscheet. Nom 23. Juni 2016 hu mir elo en anert Europa. D'ADR hofft, datt de Bierger, och an de 27 anere Länner, géint e federalistescht an zentralistescht Europa ass!

Egal wéi d'Briten entscheet hunn: d'ADR seet hiner Schwësterpartei an Alliierten aus der AECR, der „Conservative Party“, an och dem Premierminister David Cameron merci. Hien huet säi Versprechen agehalen, de Bierger iwwer Referendum d'Fro vum Bleiwen oder Netbleiwen an der EU ze stellen.

D'ADR respektéiert d'Decisioun vun de britesche Wieler, net méi um gemeinschaftleche Projet Europa matzeschaffen. Et ass hiert Recht! Lëtzebuerg verléiert wuel an enger Rei Dossieren, wéi dee vun der Finanzplaz, e wichtege Alliierten. D'Economie muss mat neien Onsécherheeten ëmgoen, Lëtzebuerg muss séier op déi nei Defie reagieren. Et misst dobäi awer och méiglech sinn, nei Aktivitéiten an d'Land ze zéien.

Dat „béist“ Groussbritannien soll net fir de Brexit bestrooft ginn. D'ADR verlaangt vun der Lëtzebuurger



Regierung a vum President vun der Kommissioun, datt elo fair verhandelt gëtt, a Groussbritannien en ähnleche Statut wéi d'Schwäiz oder Norwegen kritt.

D'Wieler aus Groussbritannien hunn, trotz zum Deel massive Menacen a reellen Nodeeler, de Broch mat der Europäescher Union gewielt. Dëst ass e staarkt Signal: Europa kann net esou weider maachen!

D'Bierger kommen ëmmer méi zur Iwwerzeugung, datt Europa vu gutt bezuelten Technokrate gefouert gëtt, ënner der Leedung vun de Lobbye vu

multinationale Gesellschaften. Si gesinn, datt déi europäesch Institutionen déi eenzel Länner erpressen, datt et vill Diktater gëtt, an datt den „Direktore“ Berlin – Paräis oft eleng decidéiert. Europa verlaangt vun de Memberstaaten d'Sanéierung vun de Staatsfinanzen, ëmmer exklusiv iwwert den Ofbau vum Sozialstaat ze maachen.

Wann d'Beispill aus Groussbritannien net soll Schoul maachen, da mussen d'Politiker aus dem „Reschteuropa“ nees op hir Bierger lauschten an zeréck fannen op de Wee vum Europa vun den Natiounen.